# WANDROUS

LIONS BLEUS
Ausgab N°380
JUNI - SEPTEMBER

**WANDROUS**
Redaktion: **Cheffenekipp LBB**
Respo fir den Drock & Verschécken: **LBB**
Exemplaires: **230** /// Paperless: **47/230**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**

**LIONS BLEUS**
Infos générales: **cg@lionsbleus.lu**
Location chalet: **location@lionsbleus.lu**
Compte Groupe LBB:
**CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000**

## Techuana'22



**UP TO DATE MAT DER WANDROUS !**
**Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.**

Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op **Facebook**
www.facebook.com/lionsbleus

MAMMUT
SCARPA
PETZL
THERM-A-REST
Lowe alpine
maloja
hanwag
Jack Wolfskin
deuter
THE NORTH FACE
LOWA simply more...
KEEN
patagonia
Teva
VAUDE
PRIMUS
HAGLÖFS
FJÄLL RÄVEN
icebreaker
GARMIN
MEINDL Shoes For Actives
MSR
TATONKA


# Waat brauchs DU fir Geld ze spueren? *

Loscht op **gudd Scoutsmaterial** an op **eng exellent Beroodung**?
DU hues eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Dann ass hei Adress fir dëch:
**VIKING-ADVENTURES zu Tréier!**
Paulinstrasse 25   D-54292 Trier




## d'LIONS BLEUS kaafen beim VIKING-ADVENTURES !

* **DU** kriss op ALL Artikel **10% Ermässegung**, wanns DU déng **gülteg Lions Bleus Memberskaart** fiirweisen kanns !!!




**www.viking-adventures.de**

# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofegschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmeren an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus'

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lèit déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziéiert an extrem efficace Manéier hëllefen, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.**
mat engem Ordre permanent*
**vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount**
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz villaicht méi liicht ze verkraaften ass Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!
Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

**Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !**

# CHEFFEN 2021-2022

## Simply present LBB-STAFF for 2021-2022:



**Léif Elteren,**
Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.
Zéckt nët fir Sie ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.

**Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:**
FLAMMANG Adrien (Loup)
ENGLEBERT Lara (Dama)
HEINEN Catherine (Fugu)
FISCHER Manon (Tamia)

**Contacts:**
Allgemeng E-Mail: **cheffen**@lionsbleus.lu
just Chef de Groupe: **cg**@lionsbleus.lu

**BEAVER (BV)**
FRISCH Danie (GriGri)
VINANDY Liana (Barry)
ORELLANA Ruben (Reebou)
FLAMMANG Raphaël (Hawky)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Beaver
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

**Allgemeng Email: beaver**@lionsbleus.lu

**MEUTE (LX)**
FLAMMANG Adrien (Loup)
HEINEN Catherine (Fugu)
ENGLEBERT Lara (Dama)
RODESCH Jasmine (Matka)
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Meute
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

**Allgemeng Email: meute**@lionsbleus.lu

**TROUPE (SG)**
LAMAMRA Harry (Mammut)
PIRON Aleksis
MAJERUS Ketty
PEPIN Cédric

**Konto:**
Les Lions Bleus - Troupe
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

**Allgemeng Email: troupe**@lionsbleus.lu

**EXPLORER (EX)**
MAJERUS Max (Lynx)
FLAMMANG Raphaël
PIRON Nicolas

**Konto:**
Les Lions Bleus - Explorer
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

**Allgemeng Email: explorer**@lionsbleus.lu

**ROVER (RO)**
HEINEN Nora (Quagga)
SCHMITT Lena (Inia)

**Email: rover**@lionsbleus.lu

**TEMBO (TB)**
SCHMITT Lex (Atra)
FISCHER Manon (Tamia)

**Email: tembo**@lionsbleus.lu

# LBB goes PAPERLESS



**Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,**

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskuss-iounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologësch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an ët ass mëttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.

Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gären un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:
Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat Iech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!




Heimat wëll ech ........................................................... méng Wandrous an Zukunft:

- ☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- ☐ fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- ☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.
  Dëst op d'Adress: ..........................................................................
- ☐ nët méi informèiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

## Moien Explorer!

Op dëser Sortie kanns de zesummen mat déngen Explorerkollegen eis schéin HaaptStiedchen mol aaneschters entdecken!
Wéi maan mir daat? Mat Hëllef vun engem Actionbound!
Een flotten Tool mat deem een verschidden Aufgaben an Challengen abauen kann.
Wéi funktionéiert daat?

Einfach umellen! Den Recht erklären är Cheffen sur Place:)

**WÉINI ?**
Den 4.06.2022 vun 10:00 - 19:00_RV jeweils bei eisem Home.

**WAAT BRAUCH ECH ?**
Natierlech Motivatioun, gut Schung, eng Mask an dem Wieder ugepasste Kleeder...

**SOUCHE ?**
Ass spéitstens bis den Pëngschtcamp 21.05.2022 bei déngen Cheffen oofzeginn.

**PRÄISS ?**
**5 €** sinn fir mat op den Rendez-Vous ze bréngen.

Heimadder erlaaben ech ..............................................................................
méngem Explorer ............................................................ op der ActionBound-Sortie den 4.06.22 vun den Lions Bleus deel ze huelen.

Ënnerschréft ......................................................................



**Hues du ni Loscht gehaat dëch wéi den Tarzan ze fillen? Kruus awer ni d'Méiglechkeet dozou? Wolls schon ëmmer wéi e Pilot d'Äerd vun uewen gesinn? Awer du bass nët geübt am Kloteren?**
**Waat fir eng Chance hues du dann elo, dass grad elo mir eng Klotersortie maachen.**
**Mell dëch also elo un, dass de dës EEMOLEG Chance nët verpass!**





**Rendez-Vous:**
den 11.Juni'22 um 10h00_Gare de Luxembourg
**Schluss:**
den 11.Juni'22 um 17h00_Gare Bettembourg

**Waat brauch ech:**
dem Wieder ugepasste sportlech Kleeder, Foulard, klenge Rucksaack mat: gefëllte Bidon, Picknick, Sonnecrème, Kaap an vill Motivation :)

**Präiss:** **25€** , sinn ze iwwerweisen bis spéitstens den 01.Juni 2022, op de Compte: Les Lions Bleus-Troupe (LU65 0019 4955 9100 5000) mat der Mentioun: Klotersortie + Numm vum Scout

Heimat erlaben ech ............................................................................

méngem Scout ..................................................................................

op der KloterSortie den 11.Juni'22 vun den Lions Bleus deelzehuelen.

Ënnerschréft: ……………………………………………...........






# FAAKEL-ZUCH 2022

Wéi all Joër's sinn mir um Fiirowend vum Nationaldeierdag um Faakelzuch vertrueden.

Mit treffen ons den 22.Juni um

## 20:00 Auer

bei der Metzlerei Kaiffer op
77,Grand Rue L-1661 Lëtzebuerg




Waat brauch de Beaver, de Wëllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover, den Tembo, d'Amicale an natiirlech nët ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

**RICHTEG! eng TIP TOP Uniform, also:**
**donkelblo Box,**
**Uniformshiem, Foulard**
**an evtl eng LBB-Kaap**

**OPGEPASST:** Daat Ganzt huet och een Enn!
An deen fënnt sëch erëm bei der Metzlerei Kaiffer um 22:30 Auer.

**D'Souche** ass bis spéidstens **den 11/06/2022** bei déngem Chef **oofzeginn !!!**

**>>> Wéi all Joër's sinn d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden <<<**



Ech ..................................................................
ginn dëst Joër 2022 mat op de Faakelzuch, an sinn mat Zäiten an tiptoper Uniform um Rendez-vous



..............................................................................
ElterenËnnerschrëft


22 JUNI 2022
VIROWEND VUN
NATIONALFEIERDAAG
GROUSSEN
LIONS BLEUS
GRILLSTAND
GRILLINGER BATTIN VUM FAASS
METTWURSCHT
HOLZKUELEGRILL
PARTYBEATS BY DJ FISH
AB 18 H00
BOUCHERIE KAIFFER
AN DER GROUSSGAASS
77 GRAND RUE L-1661 LUXEMBOURG
FNEL
LIONS BLEUS
19
14
BE PREPARED


LÉIWEFEST GOES SKANDINAVIEN
July 02, 2022
18h30
Food
- Starter_Midsommer Buffet
- MainDish
Köttbullar Simple / Veggie
- Dessert_Kanelboller & ...
BV fir KANNER
16h00 Home LBB
fir déi letzt
PROUWEN
Register & Prepay > june 25
Compte: Les Lions Bleus-Rover
LU83 0019 4955 9103 3000
mat der Mention: LF22 + FamilienNumm
25€
person
Apéro inclus
Heimat mellen ech gär____________________main BV/LX/SG/EX/RO/TB______________________fir d'Léiwefest'22 den 02.07.2022 un.
Heimat mellen ech__________________________fir d'Léiwefest'22_____Léit un, an huelen folgend Menü'er:
______x Normalen Menü (25€_Apéro/Starter/MainDish/Dessert) /// ______x Veggie Menü (25€_Apéro/Starter/MainDish/Dessert)
Ënnerschrëft__________________________

# FNEL POW-WOW | FIR BV/LX/SG/EX/RO/TB

**Léif ScoutsKollegen,**

**De Weekend vum 9.-10. Juli 2022 luede mir iech all an, um POW WOW zesummen d'Ënnerwaasserwelt am Mier ze entdecken. Et erwaarden iech vill flott Aktivitéiten zu de Mieresbewunner souwéi och Ideen, waat dir kennt maachen, fir eise Mierer ze hëllefen. > Dësen Daag ass d'Treffen vun all de Memberen vun der FNEL, dofir verpasst daat nët ?**

**Wèini & Wou?**
Den 9.-10.Juli 2022 zu Schëtter bei den Castors

**Départ?**

| | |
|---|---|
| SG/EX/RO/TB: | Samstes_09.07.22_14h00 op der Gare Centrale Luxembourg |
| BV/LX: | Sonndes_10.07.22_08h00 op der Gare Centrale Luxembourg |

**Retour?**

| | |
|---|---|
| Fir Jiddereen: | Sonndes_10.07.22_18h00 op der Gare Centrale Luxembourg |

**Material SG/EX/RO/TB...**
Uniform fir um RV, 1 grousse Rucksak deen beim Trajet gedroen gët mat Carrymat, Schlofsak, Pyjama, Ersatzkleeder, Gamelle/Besteck/Kichenduch, Wäschsaachen, gefëllte Bidon, Lunchbox fir Sonndes de Pic-Nic dran ze maachen ....

**Material BV/LX:**
Uniform fir um RDV, Pic-Nic als Mëttegiessen, gefëllte Bidon, dem Wieder ugepassten Kleeder ...

**Umeldung:** bis spéitstens den 12.06.2022 per Souche & Iwwerweisung.
**Praiss:** **25€** fir de Weekend (**ab SG** ...) & **10€** fir d'Sortie (**BV/LX**)
op den Compte: Les Lions Bleus - Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000)
ze iwwerweisen, mat der Mentioun: POW-WOW'22 + Numm vum Participant



Jiddereen huet d'Méiglechkeet, iwwer den online Fnels-Shop (commandes.fnel.lu) en T-Shirt vum Pow Wow ze bestellen. D'Bestellungen muss bis den 8.Juni gemach ginn. D'Chef de Groupes kréien d'T-Shirten dann normalerweis den 29.06 virum Pow-Wow ausgedeelt.



Ech ........................................................ erlaaben mèngem
Beaver/Wëllefchen ........................................... den 10.07.22 oder mèngem
Scout/Explorer/Rover/Tembo ........................................ den 9.-10.07.22
um **POW-WOW 2022** vun der FNEL deelzehuelen.


............................................
Ënnerschréft vun den Elteren

# WHO IS IT ?

Sou endlëch ass ët erëm sou wäit! Daat neit Schouljoër fänkt nees un, an soumat kommen d'Lions Bleus och nees an Action! Mir hoffen DIR sidd all voll motivéiert fir an daat neit Scoutsjoër ranzestarten an zousätzlech eisen vermëssten Verbriecher erëm ze fannen! Du wëlls och eng kéier een Detektiv spillen oder hues einfach Loscht en flotten Nomëtteg mat eis ze verbréngen? Wann daat den Fall ass, dann komm och DU den 17.September 2022 bei d'Gëlle Fra. An natierlech kanns DU och roueg een oder aaneren Frënd(in) matbrèngen.



Mister X




**WÉINI**
Samsdes, den 17.September 2022

**WOU**
an der Staat

**START & SCHLUSS**
Jeweils um 14h00 & 17h00 bei der ‚Gëlle Fra' an der Stadt

**UNMELLDUNG**
Mell dech wgl un/oof per Mail/Souche !
(cg@lionsbleus.lu)

**WICHTEG**
Kommen an Tip-Toper Uniform op den RV
(gët nämlech nach eng Gruppenfoto gemaach)

**WAAT BRAUCH ECH NACH**
e klengen Rucksaack, Bidon mat Waasser, dem Wëllefchen séng 5 Saachen, Bic an Block, dem Wieder ugepassten Kleeder, Kaap, Schong wou's du gudd dran goën kanns , etc, ...

**Déng CheffenEkipp**



Ech ........................................................... erlaaben mèngem Beaver/Wëllefchen/Scout/Explorer/Rover/Tembo

....................................................................... un der Gruppen-Versammlung '22 den 17.09.2022 an der Staat deelzehuelen.

Ënnerschrëft vun den Elteren ............................................





An deene lëschte puer Joer ass eise Grupp immens gewuess a mir krute vill néi Membere bäi déi net méi ewech zedenke sinn!

Leider wo et eis, wéinst der bekannter Situatioun, net méiglech eng anstänneg Eltereversammlung ze organiséieren an Iech mat allen néidegen Informatiounen auszestatten. Zemools fir eis néi Membere wo dat net evident mat all Eisen Traditiounen a Bezeechnungen.

Dofir free mir eis Iech dat nächst Scoutsjoer ob eis Eltereversammlung anzelueden.

Dir wäert do alles erkläert kréie wat Dir wësse musst an hutt natierlech d'Méiglechkeet selwer Froen ze stellen.

D'**Eltereversammlung** wäert den **24.September'22 um 16h30** bei eis am Home direkt no der normelen Versammlungen stattfannen, anzwar ob Lëtzebuergesch.



# GR-MONTEE | FIR BV/LX/SG/EX/RO/TB



**En neit Scoutsjoer fänkt un.**
Et gët grouss Beaver, Wëllef an Scouten, dèi den nächsten Schrëtt op hierem Scoutswee maan. Sou gët aus engem grousse Beaver e klengen Wëllefchen, aus engem groussen Wëllefchen e klengen Scout an aus engem groussen Scout e klengen Explorer.
Mell dëch also sèier un, fir déng Scoutskollegen op dësem Wee ze begleeden an zesummen e flotten Weekend ze erliewen.



**Wèini:** **1.-2.Oktober 2022**

Beaver(BV): 1.Oktober 22 um 14h00-17h00 jeweils beim Home LBB

Wellëf(LX): 1.Oktober 22 um 14h00 beim Home beim Home LBB
Start SG/EX: 1.Oktober 22 um 10h00 op der Gare Centrale Luxembourg

Schluss LX/SG/EX: 2.Oktober 22 um 15h00 beim Home LBB

**Präiss:** **21,00 €**, bis den 24.September 22 op den Compte: Les Lions Bleus - Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) ze iwwerweisen, mat der Mentioun: Montée'22 + Numm vum Participant.
> **Bezuelen muss jiddereen deen do schléift** !!!

**Souche:** Oofzeginn/mailen op cg@lionsbleus.lu bis spèidstens den 24.September 22 !!!

**Waat brauchen LX/SG/EX :**
Uniform, Schloofsaack&Carrymatt, Täschenluucht, Täschenmesser (ab SG), Bidon m.Waasser, Ersatzkleeder, Wäschsaachen, Biergschong.....

**>>> Opgepasst !!! SG & EX** brauchen zousätzlech een **Pic-Nic fir SA-Mëttes** !!!

**d'CheffenEkipp**




Ech …………………………………………… erlaaben
mèngem Beaver/Wëllefchen/Scout/Guide/Explorer

……………………………………………………

un der **Montée 2022** vum **1.-2.10.2022**
zu Bouneweg deelzehuelen.

……………………………………
Ënnerschrëft vun den Elteren



# PROGRAMM BEAVER

| | | |
|---|---|---|
| 04.06.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 11.06.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 18.06.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 22.06.2022 | | FAACKELZUCH & LBB GRILL |
| 25.06.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 02.07.2022 | | LÉIWEFEST |
| 10.07.2022 | | POW-WOW |
| 16.07-14.09.2022 | | keng Versammlung - SummerVakar |
| 17.09.2022 | 14:00 - 17:00 | GRUPPENVERSAMMLUNG |
| 24.09.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 24.09.2022 | | ELTERENVERSAMMLUNG |
| 01-02.10.2022 | | MONTEE |
| 08.10.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 15.10.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 15.10.2022 | | LBB SECOND-HAND & SHOP |
| 16.10.2022 | | ÄPPEL-STUFF |
| 22.10.2022 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |

# PROGRAMM WËLLEFCHER

| | | |
|---|---|---|
| 04.06.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 11.06.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 18.06.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 22.06.2022 | | FAACKELZUCH & LBB GRILL |
| 25.06.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 02.07.2022 | | LÉIWEFEST |
| 10.07.2022 | | POW-WOW |
| 16.07-14.09.2022 | | keng Versammlung - SummerVakar |
| 17.09.2022 | 14:00 - 17:00 | GRUPPENVERSAMMLUNG |
| 24.09.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 24.09.2022 | | ELTERENVERSAMMLUNG |
| 01-02.10.2022 | | MONTEE |
| 08.10.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 15.10.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 15.10.2022 | | LBB SECOND-HAND & SHOP |
| 16.10.2022 | | ÄPPEL-STUFF |
| 22.10.2022 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |

# PROGRAMM SCOUTEN

| | | |
|---|---|---|
| 04.06.2022 | 14:00 - 16:00 | TroupenVersammlung |
| 11.06.2022 | | SORTIE |
| 18.06.2022 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 22.06.2022 | | FAACKELZUCH & LBB GRILL |
| 25.06.2022 | 14:00 - 16:00 | TroupenVersammlung |
| 02.07.2022 | | LÉIWEFEST |
| 09-10.07.2022 | | POW-WOW |
| 16.07-31.07.2022 | | POLARIS |
| 16.07-14.09.2022 | | keng Versammlung - SummerVakar |
| 17.09.2022 | 14:00 - 17:00 | GRUPPENVERSAMMLUNG |
| 24.09.2022 | 14:00 - 16:00 | TroupenVersammlung |
| 24.09.2022 | | ELTERENVERSAMMLUNG |
| 01-02.10.2022 | | MONTEE |
| 08.10.2022 | 14:00 - 16:00 | TroupenVersammlung |
| 15.10.2022 | | LBB SECOND-HAND & SHOP |
| 15-16.10.2022 | | VIIZ-WEEKEND & ÄPPELSTUFF |
| 22.10.2022 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |

# PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

| | | |
|---|---|---|
| 04.06.2022 | | EX SORTIE |
| 11.06.2022 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 12.06.2022 | | FNEL RO/TB Volley-Tournoi |
| 18.06.2022 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 22.06.2022 | | FAACKELZUCH & LBB GRILL |
| 25.06.2022 | | keng Versammlung |
| 02.07.2022 | | LÉIWEFEST |
| 09-10.07.2022 | | POW-WOW |
| 16.07-31.07.2022 | | POLARIS |
| 16.07-14.09.2022 | | keng Versammlung - SummerVakar |
| 17.09.2022 | 14:00 - 17:00 | GRUPPENVERSAMMLUNG |
| 24.09.2022 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 01-02.10.2022 | | MONTEE |
| 08.10.2022 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 15.10.2022 | | LBB SECOND-HAND & SHOP |
| 15-16.10.2022 | | VIIZ-WEEKEND & ÄPPELSTUFF |
| 22.10.2022 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |

**TECHUANA 11-20.02.2022**


Endlech wor ët nees esou wäit, mir konnten an Erwegenschaft zéihen nees een WanterCamp an Éisterraich ze plangen an dorower ze fueren. Nodeems mer (mat bëssi Gléck) 2020 fir d'Letzt donidden woren. 2021 haat deen béisen...dir wësst genee wien ech mengen :-( eis jo een Strëch duerch Rechnung gemeet. Sou woren mir motivéiert souwuel jonk & aal fir eisen traditionellen Camp ze maan. Eis sollten awer déi deemoleg sanitär Regelungen net an d'Kaarten spillen... Mee daat wor eis egal, mir wollten an mir sollten dann och an Techuana fueren. Leider hun déi ënner 18 Joër missten heiheem bleiwen (mee ass versprach, DIR sidd schon opgeschriwwen fir 2023)


Voila sou wor et dann och, ët konnt lassgoen. Eng kleng & knacckeg Ekipp vun RoverTembo hun sëch Freides owes RV ginn am Home LBB fir daat restlecht Material zesummen ze raafen, hun schnell alles verpaack an zesummen mat dem privatem Baggage, Fudder & co versicht am Minibus ze verstauen. Jo dir hudd richteg geliess...MIr sinn dës Joer nëmmen mat engem Minibus gefuer, well mer den Unhänger nët gebraucht hun, an daat wor wuel fein well sou soutzen mer all an engem Gefiir an hun déi eng oder aaner Dommheet gemeet an verzielt :-) Bon Freides hun mer eis also getommelt fir färdeg ze ginn fir schnell an d'Penntuut ze kommen. Well Samstes moies huet den Wecker fréi gebimmelt, fir dat mer mat Zait fort koumen, fir déi baal 1000 km ze fueren. Ausserdem wor eis Ekipp jo ganz minimalistesch an d'Aarbeschten vun der Installation owes jo net grad wéineg.


Samstes woren mer de gros vum Daag halt am Auto, hun Pausen gemeet wou mer den Chauffeur gewiesselt, Pippipaus gemeet an evtl Metteg gemaach hun. Mettes haaten mer ‚By the way' nees um Chiemsee gemeet... ëmmer nees schéin... Géint 16h30 sinn mer zu Techuana geland, hun schnell doheem bescheed gesoot dat mer gudd ukomm sinn an hun eis opgedeelt fir Alles auszepaacken, op déi richteg Plaatzen ze verdeelen, sinn Waasser sichen gaangen bei d'Quell, Gazluuchten montéiert, Kichen prett gemeet fir paralell eis Spaghetti Bolo opzesetzen, well dës Joër haaten mer leider keng KachEkipp dobai déi eis verwinnt huet. Soubaal des Saachen erleedegt woren an Bolo färdeg wor, hun mer giess, dono zesummen gespullt an den owend gemiddlech auskléngen geloss.

Sonndes haaten mer bessi méi laang konnten schloofen iir mer dann déi restlech Aarbeschten erleedegt hun, wéi Botzen, Schlauch leen, Holz maan fir déi ganz Woch... Nom Metteglessen woren mer mam MiniBus Richtung ‚Forstsee' gefuer, leider haaten den Grizzly an ech daat voll falsch an Erënnerung wou deen lèit, sou haaten mer halt dono eng Erlebnisfahrt fir awer nach bis dohinner ze kommen :) Mee mir hun et fonnt, enfin.
Dann sinn mer do eropgekraxelt, hun eis versicht um zou gefruerenen Séi ze rutschen mat/ouni Schong, hun cool Photoshooting gemaach währenddeems Sonn hannert de Bierg gefall ass.














# RAPPORT Techuana| GROUPE (GR)

Dono ass ët frësch ginn an mir hun eis zerèck bei den Auto gemaach, well owes stoung nach Piscine um Programm. Sou sinn mer op Villach ‚Therme Kärntens' gefuer fir eis ze wäschen an dono bessi ze schwammen /saunèieren. Owes doheem am Home ukomm hun déi eng gekacht an déi aaner hun Skimaterial fir den aaneren Daag schon gelueden.


Ab Méindeg moien stoung dun deen aaneren Programm un, moies opstoen, Dësch decken, Carré, Fändel eropzéihen, verzielt kréien wou mer hinfueren…Kaffi drénken, Chargen, PicNicKëscht paacken an Auto färdeg paacken. Dono ass ët eréischt Richtung Bierg gaangen.
Méindes sinn mer op ‚Turracher Höhe', Dënschdes ‚Gerlitzen', Mëttwochs ‚Nassfeld', Donneschdes ‚Katschberg' & Freides nees op ‚Turracher Höhe' gefuer. Dënschdes an Donneschdes owes sinn mer ëmmer no der Pist an Piscine gefuer fir eis ze erfrëschen (dir verstidd), op deenen Deeg huet den Mammut eis och mat begleet an huet sëch als neien RestaurantKritiker entpuppt an sou munchen Hütten ‚Schnitzel' getest an wärt demnächst e Guide erausbréngen, wou een deen Leckersten z'iessen kritt. All déi aaner Deeg huet hien op Haus opgepasst, geléiert an gechillt. Den Recht huet sëch halt bei der Arrivée um Bierg schnell prett gemeet an huet zesummen Pisten/Bierg onsëcher gemaach. Mëttes hun mer ëmmer beim Minibus gepicnickt…. Ausser Freides do woren mer all zesummen iessen op eng Hütt, dës kéier op der ‚Turracher Höhe' op der Hütt ganz uewen do wou den Lift vum NockiFlitzer raus kënnt. Daat wor een Genoss, mir soutzen do voll an der Sonn, an praktesch wor, eisem Mammut haat eis den Desch frai gehaalen bis mir komm woren. Sou konnten mir deen Letzten Daag um Bierg nach emol wieder-technesch & kulinaresch genéissen. Ech denken jidderengem haat wonnerbar geschmaach, an virunallem eisen Twins dem Aleksis & Mammut > d'Jongen haaten sëch eine FamilienPlatte bestallt an hun sëch se gudd schmaachen geloss :) Nom liichten Metteglessen hun mer eis nach emol bessi bewegt, mir beim Skifueren an den Mammut mam Abstieg vum Bierg, waat net esou einfach wor, gell du…Géint 17h00 haaten mer es dun awer genuch, hun alles gelueden sinn heem an Techuana gefuer, wou mer eis nees opgedeelt hun, an déi eng gepaack, gekacht, gelueden…hun. Dono gouf giess, gespullt, den Recht verpaack an verstaut. Mir hun gemiddlech nach eng Fläsch Béier zesummen gedronk an sinn Schloofen gaangen well Samstes moies sollten mer jo den Heemwee ugoen.

Samstes fréi opgestaanen, all KrimsKrams verstaut, den Fändel offiziell erofgezunn an Techuana EDDI gesoot bis 2023. Lo woren ‚En Route', ass Alles gudd verlaaf, keng weider Stau'en ënnerwee, sou dat mer zu Bouneweg géint 17h00 ukomm sinn. Hei hun mer dun am Krees entscheed, alles schéin brav auszelueden, ze botzen, ze raumen an dann Jiddereen gemiddlech bei sech heem schloofen ze goen. Bis nächst Joër…**TAMIA**















# RAPPORT Sortie| TROUPE (SG)





**SORTIE ‚Pippi Langstrumpf'**

Samschdeg, den 12. März hu mir, d'Scouten vun de Lions Bleus, d'Scouten vun de Mamer Wiselen um 9 Auer moies um Juckelsplateau getraff. Kuerz drop ass och d'Pippi Langstrumpf mat hirem Heißluftballon bei eis geland. Si huet eis schnell erzielt, waat hir geschitt ass: D'Piraten hunn dem Kleiner Onkel all seng Punkte geklaut! Elo schummt hee sech an traut sech mol net méi eraus. Natierlech wollte mir him hëllefen. Mir hunn eis a Gruppen agedeelt. All Grupp krut ee vun dem Här Nilsson senge Geschwëster oder Cousinen, déi eis begleed hunn an dene mir natierlech direkt ee Numm ginn hunn. Ausserdeem hu mir ënnerwee een abenteuerlëche Fotoshooting mat eisem Äffchen misse maachen: eng Gruppefoto op der Kopp, eng Foto mat engem Déier, ... Mat den éischte Koordinaten hu mir eis noëneen op de Wee gemaach. Do si mir scho séier e puer Piraten begéint. No witzegen Aufgaben a flotte Spiller ware si och esou güteg, eis e puer Punkten oofzeginn. Mëttes hu mir um schwedesche Feier Ierzebulli gekacht an all Grupp huet eng Parodie mat bestëmmte Wierder op ee bekanntent Lidd solle schreiwen. Do sinn e puer witzeg Lidder erauskomm! Och krute mir e knifflegt Kreuzworträtsel iwwert Schweden. Nom Trajet si mir bei eng Wiss mat Ruïne komm, wou mir op enee gewaart hunn an dem iwwerglécklechen Kleiner Onkel seng Punkten zeréck ginn hunn. Mir kruten esou guer e schwedescht Getränk, "Glögg", proposéiert. No der Chaîne des Adieux si mir dann um 17 Auer all zefridden heemgaangen. **Chiara Zahlen**














# RAPPORT Sortie| MEUTE (LX)


natur&ëmwelt
FLEEGESTATIOUN
FIR WËLL DÉIEREN
natur&ëmwelt – Centre de soins pour la faune sauvage a.s.b.l.

GROUPE DE SCOUTS LES LIONS BLEUS
Boite Postale 23
L-5801 Hesperange

Dudelange, 11.04.2022

Mesdames, Messieurs,

Mir soen Iech e ganz grousse Merci fir Äre grousszügegen Don vu 150 Euros, deen Dir den 18.03.2022 der Fleegestatioun fir wëll Déieren gemaach hutt.
De Betrib vun eiser Statioun hänkt zu iwwer 70% vu private Spenden of. Et sinn dofir d'Initiativë wéi déi vun Iech, déi et eis erlaben, d'Fleeg vun de wëllen Déieren an der Nout z'assuréieren. Zéckt net fir e Bléck op eis Internetsäit ze geheien: „www.centredesoins.lu" Dir fannt eis och op Facebook (Fleegestatioun fir wëll Déieren) an op Instagram (@centredesoins.lu).

Wann Dir un enger weiderer Ënnerstëtzung vun eiser Fleegestatioun fir wëll Déieren intresséiert sidd, erlaabt eis op d'Méiglechkeet vun engem ordre permanent pro Joer oder Mount opmierksam ze maachen.

Merci fir Äert Vertrauen. Mat léiwe Gréiss,

*Nous vous remercions de votre don généreux de 150 euros, que vous avez bien voulu faire le 18/03/2022Don unique CDS.*

*Le fonctionnement du centre dépend d'au moins 70% de dons privés. C'est donc grâce aux initiatives comme la vôtre que nous sommes en mesure d'assumer la continuité des soins aux animaux sauvages en détresse. N'hésitez pas à consulter notre site internet "www.centredesoins.lu" ou notre site Facebook (Fleegestatioun fir wëll Déieren) et Instagram (@centredesoins.lu).*

*Si vous désirez continuer à soutenir le centre de soins pour la faune sauvage, permettez-nous de vous proposer de souscrire un ordre permanent annuel ou mensuel.*

*Tout en vous remerciant de votre confiance, veuillez recevoir l'expression de nos salutations distinguées,*

Roby Biwer
Président – natur&ëmwelt CDS asbl


RCS n° F12675 | 49, rue de la Forêt | L-3471 Dudelange | Tel. +352 26 51 39 90
centredesoins@naturemwelt.lu | www.centredesoins.lu
LU13 0099 7800 0090 0894 | BIC CCRALULL






# RAPPORT FNEL Explo| TROUPE (SG)

Mir hunn eis den 19.Mäerz um 8:30 bei der Gare getraff. Vun den Lions Bleus waren mir en klengen, awer trotzdeem coolen Grupp, wëll mir waren nëmmen zu drëtt. Mat nach e puer aneren FNEL-Gruppen sinn mir dann mam Bus an och dono mam Zuch no Belval gefuer. Do ukomm missten mir eis kuerz umellen an mir kruten nach eng Mëtsch vir ze iessen.
Dunn ass et awer lass gaangen. Et gouf eng grouss Base, virun der Entrée vun der Rockhal, wou en als Equipe ëmmer erëm néi, Schallplatten mat Nummeren drop, krut. D'Nummer op der Schallplatt sot dir op wei en Posten du goen misst. Op den Posten misst en dann ëmmer Aufgaben déi mat dem Thema, Musek aus allen Joeren, ze dinn haten. Sou konnten mir also eng Kéier Karaoke sangen, oder mir sollten duerch eng pantomiemesch Duerstellung, Musekstitelen aus den 80er Joeren, erroden. Bei aneren Posten sollten mir Filmmusek zu den richtegen Filmen, a Form vun engem Memory, zouuerdnen. Et war wirklech flott an interessant. D'Posten waren alleguer an der Géigend vun der Rockhal an nodeems een en Posten fäerdeg gemaach hat, konnt een sech bei der Base rëm eng aner Schallplatt sichen goen. Um ongeféier 13 Auer hunn mir dann e klengen Picknick gemaach an dono ass et rëm weider gaangen. Um 15:00 Auer sollten mir eis virun der Rockhal treffen an dunn konnten mir, mat nach aneren Scoutsgruppen, eng Visite duerch d'Rockhal maachen, wou mir och Froen stellen dierften. Et war ganz interessant, mee leider missten mir no der Visite och schon erëm heem. Mir sinn also als eicht mam Zuch an duerno nach mam Bus bis bei d'Gare gefuer, wou mir dann ofgeholl goufen. Et war eng flott Sortie! **Kiara Hauenstein**








# RAPPORT RO Montée| ROVER (RO)

Rovermontée

Den 25. Mäerz huet eng Montée fir all Rover vun den Mamer Wiselen an den Lions Bleus statt fonnt. Mir hunn eis Owes géint 19 Auer zu Stengefort getraff. Zu 5 (3 Mamer Wiselen an 2 Lions Bleus) sinn mir mat Kaart an Kompass lass getréppelt. Am Laf vum Owend sinn mir bei verschiddenen Posten laanscht komm, wou mir ënner anerem Reflexiounen iwwert eis selwer machen missten. Ofschléissend hunn mir nach eist Roververspriechen beim Féier ofgehalen.

Den nächsten Moien hunn mir just nach zesummen Kaffi gedronk an hunn eis dann och schon erem op den Heemwee gemaach.

**Tasha**

# RAPPORT FNEL Quiz| ROVER&TEMBO (RO/TB)









## GRATULATION un DIPPECHER DACHSEN




# RAPPORT OuschterCamp| BEAVER (BV)

Rapport Ouschtercamp Beaver 02-04.04.2022

**1.Daach**
Samschdes Moien, hunn mir eis op der Gare getraff. Do hunn den Hawky, den Reebou an den TicTac scho ganz gespaant ob déi vill Beaver gewaart. Nodeems dann Jiddereen do war, konnt et dann endlech lass goen. Duerch de Reen sinn si gewandert mat hiren schwéieren Rucksäck bis bei hiren éischten Stop, deen ob enger Spillplaz war. Nodeems si dann do scho fläisseg gespillt haaten, ass d'Grigri mam Mëtteg iessen komm. D'Beaver hunn hier Stäerkung gebraucht fir duerno kennen weider zegoen. Währenddeem den Hawky d'Schmieren gemaach huet, hunn den Reebou, den TicTac an d'Grigri den Beaver hier Rucksäck an den Auto gemaach.
No der Stäerkung haaten den Beaver hier Cheffen eng kleng Iwwerraschung fir si. Dësen Camp sollt et em d'Badger goen, an fir dass si den Naturfrënd an den Déierefrënd Badge kréien, huet den Beaver nach eppes gefeelt. Dat war den Natur Musée. Am Natur Musée ukomm gouf et dann eng kleng Schnitzeljuegd, well den Ouschterhues séng Eeër do bannen verluer haat. Nodeems d'Beaver dann déi Schnitzeljuegd oofgeschloss haaten an alles gesinn haaten, sinn si weider gaangen. Ënnerwee kruuten hier Cheffen e Message vum Ouschterhues, hien hätt 14 Eeër um Wee fir bei den Home verluer an et wier mega wichteg dass d'Beaver se all erëm fannen géifen. D'Beaver hunn sech ob d'Sich gemaach an si hunn se Alleguerten fonnt. Am Home ukomm gouf et eng kleng Stäerkung an dono ass et schons nees weider gaangen. Den Sportlerbadge war un der Rei, do huet den Beaver just nach d'Olympiad gefeelt. An kuerz befiir d'Beaver ufänken wollten ass den Gaspard genau pünktlech komm:) No der Olympiad an engem klengen Chaos an der Kichen an dem Besuch vun den Beaver Commissairen goufen et dann Spaghetti Bolognese, wou den Hawky laut sénger Ausso just "e bessen" Chilli dran gemaach huet, an d'Kanner een nom aaneren gemeckert hunn se wieren ze schaarf. Daat war awer keen Problem, d'Cheffen kruuten d'Bolognese nach gerett.
Dono war se esou gutt dass den Emilio esou guer 5 ganz Telleren giess huet. No dem ustrengenden Daach gouf et dunn als Oofschloss nach e klengen Film, an duerno sinn mer All Schloofen gaangen.

**2.Daach**
Sonndes Moies, den 2.Daach haaten mir och vill fiir. Um 8 Auer ass d'Spitzki an d'Barry scho komm fir dass mir um 9 Auer den Bus konnten huelen (natierlech nom Frühstück) fir an den Bambësch ze goen. D'Cheffen hunn dann um Hamilius mat den Kanner den falschen Bus geholl, um Pafendall missten mir dann erausklammen an 20 Minuten ob den richtegen Bus waarden. Nodeems mir dann am Bambësch ukomm waren hunn d'Kanner duerften op d'Spiller goen. D'Ikki ass dann um 12:15 bei komm, an dunn konnten mer och endlech eis Bréidercher iessen. Nom Iessen war eis all zimmlech kaal, an eigentlech haaten d'Cheffen nach puer Saachen préparéiert mee déi hun mir dann sinn gelooss, well bei der ‚Gelle Frau' waren lauter Déiren vum Bauerenhaff.







# RAPPORT OuschterCamp| BEAVER (BV)

D'Beaver wollten déi onbedéngt gesinn an vue-que dass si sech mega gutt beholl hunn sinn mir dann dohinner gaangen. Si konnten do dann: bei der Luxlait Schocki schmaachen, si duerften eng Kou sträichen, si hunn Hénger, Geessen, Schof, Kanéngercher an Keih gesinn.... Nodeems hunn mir eis dann ob de Wee gemaach fir zréck an d'Home. Do konnten d'Beaver sech dann opwiermen mat waarmem Schocki an et goufen nach Äppel an Banann. Duerno sinn ma eraus gaangen an d'Beaver missten ganz roueg sinn, well daat war een wichtegen Moment fir si. Si kruuten do 5 Badger ausgedeelt, déi si dëst Joer gemaach hunn. An ganz wichteg 3 Beaver kruuten hiiren Foulard, si waren ganz houfreg drop. Lo mussen si just nach drun denken deen ëmmer mat an d'Versammlung ze bréngen soss gëtt et Kuch:)
No dem groussen Ereigniss gouf et dann Owes Iessen, an no den Chargen wollten d'Cheffen den Kanner nach een Film un maachen, mee no deenen éischten 20 Minuten waren déi éischt Beaver schon ageschloof. Nom klengen Film sinn d'Beaver dann an d'Bett gaangen an si waren all esou midd, dass si direkt geschloof hunn.

**3. Daach**
Den leschten Moien ass ugebrach d'Ikki an d'Grigri waren nach alleng mat den Kanner. Si sinn um 07:30 Auer opgestaanen an et war esou roueg am ganzen Home, dass een Viggelcher dobaussen héieren konnt. Nodeems dann den Frühstück prett wor, sinn déi 2 d'Kanner sichen gaangen. Et war nach ëmmer roueg an wou si eran komm sinn waren si schockéiert d'Beaver waren all waakreg, déi meescht haaten hiren Rucksaak schon gepack an haatenoch ganz vill Honger. D'Ikki an d'Grigri waren erstaunt an hunn deenen leschten Kanner nach gehollef hiren Rucksaak färdeg ze paacken befiert si Iessen gaangen sinn. Nom Iessen ass den Hawky laanscht komm. Hien huet eis all gehollef ze raumen an ze botzen. Déi eng waren schon fläisseg umgaangen den Dortoire ze botzen an déi aaner hunn den Iess Sall gebotzt. Eng Grupp huet dann och nach d'Toiletten an den Gank gemaach an déi lescht Grupp déi huet gespullt. Nodeems Jiddereen eng Hand mat ugepaakt hat, war d'Home méi schnell gebotzt wéi erwaard. D'Beaver haaten dunn nach bëssen Zäit fir dobaussen ze spillen an sech Alleguerten Äddi ze soen, well dunn war den coolen Camp och schon färdeg an hier Elteren stoungen do fir si oofzehuelen.

Mega Groussen Merci un déi, déi dem Reebou & Mir gehollef hunn den Camp esou hinzekréien wéi en lo war, ouni déi vill Hëllef wier daat net méiglech gewiercht:)

Merci un den Hawky, TicTac, Spitzki, Ikki, Barry & Lynx (dir kennt ëmmer erëm gär hëllefen kommen)

Ah jo an d'Beaver Kommissären déi eis mat 10 Baguetten ausgehollef hunn an Bolognese 1 Stonn geréiert hunn :)

**GRIGRI**









# RAPPORT OuschterSortie| MEUTE (LX)







Ouschtersortie LX

Den 2. Abrëll, hunn eis Wëllefcher dem Sherlock Holmes hëllefen missen fir säin néit Rätsel ze léisen. Treffpunkt war um Glacis an vun do ass et duerch d'Stad bis bei den Merler Park gaangen.
Ennerwëe goufen et verschidden Aufgaben ze léisen. Dëst hunn eis ëmmer een weidert Stéck méi no bei d'Léisung vum Rätsel bruecht, well et ass dorëms gaangen fir duerch déi verschidden Aktivitéiten, d'SDG's besser ze verstoen.
No enger Mëttegpaus am Merler Park, wou et ënneraanerem Téi gouf fir sech opzewiermen, ass et laanscht d'Péitruss wiedergaangen bis mir géint 16 Auer all d'SDG's fonnt hunn an nach eng oofschléissend Noriicht an en groussen Merci vum Sherlock Holmes kruuten.
Och wann et dësen Dag geschneit huet, hunn sech d'Wëllefcher gutt geschloen an all Rätsel an Aufgaben erfollegräich geléist.

**Ikki**













# RAPPORT OuschterCamp| EXPLORER (EX)

RAPPORT - Ouschtercamp :

**15.04.2022**_Mir hunn eis den 15.Abrëll um 9h30 ongeféier op der Gare Centrale getraff. Soubal mir eis getraff hunn kruten mir erzielt wat mir maachen mussen. Dozou kruten mir eng Banann mat an allem waat mir fir e schéinen Trajet brauchen. Eng grouss Enveloppe mat enger Etikett TOP SECRET kruten mir och nach dobai. Dodran waren Cluedoblieder an eng Kart. Den Ziel vum Camp ass et den Patient null vum CoronaVirus rauszefannen. Am 1.Message stoung mir sollen den Bus 194 bis op Hesper huelen. Mir kruten mol een Hiweis wou mir am Ufank net wossten wou un ze fänken. Mir hunn e bëssen chaotesch den Daag ugefaangen. Op der 1.Platz, d ´ Hesper Gemeng, hunn mir no dem 2.Message gesicht…gefillt stonnenlang! Hannert enger Poubelle haat sech den 2.Message verstoppt. Mat enger Koordinat, dei eis op der Breck vun Hesper bruecht huet, niewent der Kierch. Hei hunn mir gesicht an gesicht. Fonnt hunn mir den 3.Message ënnert der Bréck zwëschen enger klenger Lück. Mir hunn puer Leit aus eisem Cluedo duerchgestrach, déi mol net den Patient null kann sinn. Dei neckst Koordinat hunn mir markéiert op der Kart op enger Kreizung vun Itzig. Voll motivéiert sinn mir durch den Vëloweh getrëppelt. Bis do hin hunn mir kleng Pausen gemaach an an der Mëtt vum Wee hunn mir gepicknickt an sinn dann weider getrëppelt. Op der Monteeplaaz hunn mir awer gemierckt, dass mir ze wait getrëppelt sinn, an zwee vun eis sinn rëm zeréck gaangen hunn den Message font an do war d'Morse. Do stoung mir sollen an Home goen. Rem trëppelen bis mir eng grouss Paus gemaach hunn. Sou bal mir am Home ukomm sinn kruten mir erzielt, dass mir baussen an engem Bivak schloofen. Am Unfang war daat e Schock, mee dono stellt dat sech raus, dass et flott war. Errenerungen sinn rëm opgerfrecht ginn bei der Konstruktion an mir kruten puer Tipps fir den neksten groussen Camp. Duerno hunn mir den Rucksaak dran gemaach an haaten e bessen Freizeit bis mir gutt giess hunn. No dat hunn mir en deck coolt Nuetsspill gespillt. Puer Cheffen sinn dobei komm an mir hunn Among gespillt bis baal 23 Auer, duerno hunn mir eis Bett bereet gemaach. Am Ufank war et kaal, mee dono hunn ech ganz gutt geschloof bis den neksten Daag.

**16.04.2022**_Samstes sinn mir fir 8 Auer erwäscht an hunn Kaffi gedronk an Schmieren giess. Mir woren zwar nach bessen freckt vum Daag firdrun, mee mir waren awer motiweiert fir desen Daag. No den Chargen konnten mir een QR-Code scannen, fir den Actiounbound unzefänken. Een Actionbound ass een virtuellen Trajet, bei deem een verschidden Aufgaben leisen muss fir kennen weider ze kommen. Desen Actionbound huet eis dann schließlech durch hallef Bouneweg bruecht, bis weider an d ´ Stadt an dann duerch den Gronn. Geint 16h sinn mir dunn rem am Home ukomm, wou mir dann nach eis Konstruktioun bessen ausgebessert hunn, an eng Partie Wickingerschach gespillt hatten. Duerno hunn mir een Feier ugemaach fir kennen ze kachen. Zweschenzeitlech sinn den Aleksis an den Loup laanscht komm an hunn bessen gehollef fir Hachis parmentier ze maachen! Daat wo richteg gutt! Nom Iessen haaten mir nach bessen GBS an sinn dann zimlech midd schloofen gaangen.

**17.04.2022**_Den Sonnden sinn mir aus eisem Bivouac opgestaan an hunn Mëtschen giess. Dunn hunn mir ugefaang den Bivouac oofzebauen. Well dat schnell färdeg war hunn mir eis direkt un e Feier fir d'Mëttegiessen gemaach. Do hunn mir flaisseg Holz gehaen. Gläichzäiteg gouf d'Traap an d'Afaart gekiert. An sou ass den Moien schon schnell vergaangen an et gouf als Mëttegiessen Gegrilltes. Beim Feier hunn mir nach eng Ronn Cactus gespillt. Nométtes gouf dann nach gespullt an en bëssen d'Home gebotzt. Mat Karten spillen huet den Camp sech zum Enn geneigt. Zum Schluss hunn mir dann nach eng Chaîne d'adieu gemaach. Insgesamt war et en flotten Camp, och wann mir just zu 3 Explorer waren. Dofir hunn mir vill gelaacht an mir hunn eis gutt amuséiert.







## An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

**STARTER PACK**

**T-SHIRT**
**&**
**HOODIE**
VIR 30 EURO

(All Member kritt dëst eemol vir 30 EURO, amplaatz vu 40 EUR déi zwee zesummen)




T-shirt 15€



Knuet 5€




Pullover 25€



Foulard 5€

and many more to . . .

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard** & an nach villes mèi.
Du kriss also Alles waat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och **Kniet** fir un däin **Foulard**, **Scoutsbichelecher** ewéi och de **Vademecum**...

>> Aussserdem verkaafen mir och OccasionsHiemer <<
du kriss dëst schon fir 15 € ...


Next **Datumer** wou den **SHOP** op ass:
... 18/06/2022 ..... 15/10/2022 & Second-Hand Stand ...

# LIONS BLEUS - NEWS













# WOSM & FNEL NEWS

fnel
scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
**Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!

16.07.-31.08.2022
CAMP FÉDÉRAL an Schweden

| | |
|---|---|
| 22.06.2022 | FaackelZuch |
| 29.06.2022 | CoGro |
| 01.07.2022 | Nuit des Brevets |
| 10.07.2022 | Pow-Wow |
| 16.07-14.09.2022 | SummerVakanz |
| 07.09.2022 | CoGro |
| 14.09.2022 | AG FNEL |
| 18.09.2022 | Journée des Chefs |
| 14-16.10.2022 | JOTA-JOTI |
| 14.10.2022 | Formation SG/EX_Soirée |
| 29.10-06.11.2022 | AllerhelljenVakanz |
| 28-01.11.2022 | Formation BV_Camp |
| 28-01.11.2022 | Formation LX_Camp |
| 29-01.11.2022 | Formation SG/EX_Camp |
| 05.11.2022 | EX Kachduell |
| 23.11.2022 | CoGro |
| 01-16.04.2023 | Camp NEPAL |
| 01-12.08.2023 | JAMBOREE an Korea |

# ET SCHÉNGT ...

01)wèi wann sëch eng liicht reduzéiert Délégation mam Minibus Richtung Techuana gemaach haaten.
02)dat eis BV Chefs na bessi hiiir Kachkënschten verbesseren kèinten,resp.eng FC heiranner maan kéinten.
03)dat LBB des Joer nees um FNEL RO/TB Quiz ,Battle oft he Bands' vun den Panteren deel geholl hun.
04)dat Dama&Soa éischter do woren fir Alles an Rou opzeriichten, mee sie sollten hiiren Aan net trauen.
05)wéi wann AG just vun puer treien Scoutsfrënn besicht wor,mer eis nächst Joër op méi Lèit freen géifen.
06)wéi wann Dama um FNEL Sixplo séng Auer verluer huet an lo halt regelméisseg bei der Police nofreet.
07)wèi wann den Clan vun den Totemisèierten virum PC > 3 nei Memberen an hiirer Mëtt opgeholl hun.
08)dat mer hei op dësem Wee, e Groussen Merci sollen un Ierch weider vermëttelen vum Wilma & Fred.
09)wèi wann déi sanitär Moossnahmen jo méi labber sinn an mir nees méi gr.Aktivitéiten plangen kënnen.
10)dat d'Préparatiounen fir den groussen Summercamp POLARIS an Schweden op Héischtouren laafen.

# ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

01)dat Sie nët méi gewinnt sinnn ouni Unhänger ze fueren, no 2 Wochen een kl.Protokoll erageflunn koum.
02)dat Sie moti woren, mee dat et besser wier net den ThermoContainer m.Gulasch op Flaam ze stellen.
03)wèi wann mat 2 Ekippen an engem gesonden MIX un jonk&aal vertrueden woren an vill Spaass haaten.
04)dat schon Alles opgeriicht wor > Mainzelmännercher? Kuerz drop wor Rätsel geklärt > Wor de Kodiak.
05)dat flaisseg den Bilan vum letzten Joër, Chèque un ONGD iwwerreecht an dono e Patt gedronk gouf.
06)dat sëch bis well net vill deet, Auer nach benotzt gët/laut Systeme...evtl Challenge fir eis kl.Detektiven.
07)dat sie ab elo folgendermossen heeschen wärten: DAMA (Lara), FUGU (Catherine) & MAMMUT (Harry).
08)wèi wann Dir Alles gemaach hudd vu BV-EX fir dat'en den Fred&Wilma hiirt Haus nees opriiten konnten.
09)dat MIR eis freen Ierch nees ze begréissen um Faackelzuch, LBB Grill an eist Léiwefest als Oofschloss22.
10)wèi wann mir do mat um Start sinn an zesummen mat 600 Participant eng gail Zait verbréngen wärten.

# LBB MEMES










# LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Goebbels Joanne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, Mchale Evelyne/Drennan, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Thibo Charles, Famille Reiners, Fam.Zimer, Fam.Engel, M.Minn Claude, Fam.Theisen/Jhang Katia, Anonyme TS, Fam.Hebeler-Simon, Fam.Konsbruck-Droulans, Fam.Rod-Keller, MME Reifenrath Katrin, ...

# AGENDA | Juni - September‘22

## juni'22

| | | |
|---|---|---|
| Më | 1 | |
| Do | 2 | |
| Fr | 3 | |
| **Sa** | 4 | BV/LX/TV **EX Sortie** |
| **So** | 5 | |
| Me | 6 | |
| Dë | 7 | |
| Më | 8 | |
| Do | 9 | |
| Fr | 10 | |
| **Sa** | 11 | BV/LX/R-EX **SG Sortie** |
| **So** | 12 | **FNEL RO/TB Volley** |
| Me | 13 | |
| Dë | 14 | |
| Më | 15 | |
| Do | 16 | COMITÉ |
| Fr | 17 | |
| **Sa** | 18 | BV/LX/PV/R-EX |
| **So** | 19 | |
| Me | 20 | |
| Dë | 21 | |
| Më | 22 | **FAACKELZUCH & LBB GRILLSTAND** |
| Do | 23 | |
| Fr | 24 | |
| **Sa** | 25 | BV/LX/TV |
| **So** | 26 | |
| Me | 27 | |
| Dë | 28 | |
| Më | 29 | |
| Do | 30 | |

## juli'22

| | | |
|---|---|---|
| Fr | 1 | |
| **Sa** | 2 | **LÉIWEFEST** |
| **So** | 3 | |
| Me | 4 | |
| Dë | 5 | |
| Më | 6 | |
| Do | 7 | COMITÉ & Iessen |
| Fr | 8 | |
| **Sa** | 9 | **FNEL POW-WOW** ab SG / EX / RO /TB |
| **So** | 10 | **FNEL POW-WOW** fir Jiddereen |
| Me | 11 | |
| Dë | 12 | |
| Më | 13 | |
| Do | 14 | |
| Fr | 15 | |
| **Sa** | 16 | **POLARIS** SummerVakanz 16.07-14.09.22 |
| **So** | 17 | **POLARIS** |
| Me | 18 | **POLARIS** |
| Dë | 19 | **POLARIS** |
| Më | 20 | **POLARIS** |
| Do | 21 | **POLARIS** |
| Fr | 22 | **POLARIS** |
| **Sa** | 23 | **POLARIS** |
| **So** | 24 | **POLARIS** |
| Me | 25 | **POLARIS** |
| Dë | 26 | **POLARIS** |
| Më | 27 | **POLARIS** |
| Do | 28 | **POLARIS** |
| Fr | 29 | **POLARIS** |
| **Sa** | 30 | **POLARIS** |
| **So** | 31 | **POLARIS** |

## september'22

| | | |
|---|---|---|
| Do | 1 | |
| Fr | 2 | |
| **Sa** | 3 | |
| **So** | 4 | |
| Me | 5 | |
| Dë | 6 | |
| Më | 7 | |
| Do | 8 | |
| Fr | 9 | |
| **Sa** | 10 | |
| **So** | 11 | |
| Me | 12 | |
| Dë | 13 | |
| Më | 14 | **FNEL AG** |
| Do | 15 | |
| Fr | 16 | |
| **Sa** | 17 | **GV** |
| **So** | 18 | **FNEL Journée des Chef** |
| Me | 19 | |
| Dë | 20 | |
| Më | 21 | |
| Do | 22 | |
| Fr | 23 | |
| **Sa** | 24 | BV/LX/SG/EX/RO/TB **ElterenVersammlung** |
| **So** | 25 | |
| Me | 26 | |
| Dë | 27 | |
| Më | 28 | |
| Do | 29 | |
| Fr | 30 | **MONTEE 1-2.10.2022** |

# ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT

- Bei den Lions Bleus gees de niii hongreg heem, ugefaangen gët, wéi sou léif seet...alias MAKI:
- Wëll's de een Rëndelchen ;) ;) ;)



* THATS ALL FOLKS ...